Gᴰ DUCHÉ DE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES DÉPUTÉS

I - 2003 - C - 41 - C797 - C1 - (454)

4999 Débat sur l'immigration

*Auteur : Aly Jaerling*
*Dag : 12. am Spierkel 2004*
*Ulass: „Débat d'orientation sur la politique d'immigration"*

4

# Motioun

D'Volleksvertriederkummer

- begréisst de Wëllen vu net-lëtzebuergesche Awunner vun eisem Land, sech an d'Wielerlëschte fir d'Europa- a Kommunalwalen androen ze loossen;
- bedauert, datt dëse wichtegen Akt nach ëmmer net, weder vun enger ëffentlecher Zeremonie, nach vun engem offiziellen Dokument, a senger Bedeitung ënnerstrach, jo gefördert gëtt;
- bedauert, datt d'Neiwieler net iwwert hir nei Rechter a Flichten opgekläert ginn a stellt fest, datt déi ideal Méiglechkeet dofir sech am Kader vun enger offizieller Zeremonie géif bidden;
- stellt fest, datt eng Méiglechkeet fir esou eng Zeremonie ze organiséiere sech mat der formeller Iwwerreechung vun engem „Wielerpass" un all Neiwieler am Virfeld vun de jeeweilege Wale géif bidden;
- ass der Meenung, datt esou eng ëffentlech, institutionaliséiert Zeremonie, an där d'Neiwieler och iwwert d'Spezifizitéit vum lëtzebuerger Walsystem an der lëtzebuerger politescher Landschaft opgekläert géife ginn, zur Integratioun vu net-lëtzebuerger Wieler an eist Vollek géif bäidroen;

fuerdert d'Regierong op

- alles an d'Weeër ze leeden, fir e Wielerpass ze schafen, deen an enger offizieller Zeremonie vun de jeeweilege Gemengen iwwerreecht ka ginn;
- dofir ze suergen, datt ~~dëse~~ e Wielerpass mat deenen néidegen Informatiounen iwwert eise Walsystem an d'Rechter a Flichte vum Wieler begleed gëtt.

**Aly Jaerling** COLOMBERA MEHLEN HENCKES KOEPP